LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:08, 31/03/2021

Luxembourg, le 31 MARS 2021

**Objet : Question parlementaire n° 3754 du 3 mars 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri Kox à la question parlementaire n° 3754 du 3 mars 2021 de l'honorable Député Marc Goergen**

Als Aleedung op d'Fro vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen géif ech gär nach eemol ausdrécklech drop hiweisen, dass den aktuelle Rekrutement vun 200 Polizisten an den Traitementsgruppen B1 an C1 fir d'alleréischte Kéier op Basis vum groussherzogleche Reglement vum 29. Juli 2020 duerchgefouert gouf.

Dësen Text bedeit ee Paradigmewiessel fir d'Police, andeems si, genee wéi virdrun schonns beim Rekrutement vum Zivilpersonal, elo och bei de Polizisten op de Wee geet vum allgemenge Staatsexamen mat uschléissender Epreuve spéciale. Et sief och ze betounen dass dës Epreuve spéciale elo ënnert der Responsabilitéit vun der Police, an nët méi wéi virdrun vum Minister, organiséiert gëtt.

De Rekrutement gouf deemno an enker Zesummenaarbecht mat dem Zentrum fir Personalverwaltung an Organisatioun vum Staat (CGPO) vum Ministère fir d'Fonction publique organiséiert, wat et der Police ënner anerem erlaabt huet, vum Wëssen an der Kompetenz vun dëser Administratioun an natierlech och vum Site GovJobs kënnen ze profitéieren.

Wéi d'Rekrutementsprozedur ugefangen huet, konnt ee weder genee aschätzen wéivill Kandidaten sech melle géifen, nach wéi si an deenen eenzelen Tester ofschneide géifen. Am legalen Kader gouf eng Examenskommissioun virgesi ginn, déi, wéi am Exposé des motifs vun den Artikelen 4 bis 8 präziséiert ass, déi néideg Decisiounen huele kann.

Des Weideren muss een drop hiweisen, dass den Text matten an der Pandemie ëm de Covid-19 entstanen ass, an och de Rekrutement selwer gepräägt gouf duerch d'Schwieregkeeten, déi sech an dësem Kontext gestallt hunn an och weiderhin stellen.

Trotz allem hunn déi verantwortlech Servicer vun der Police an enker Zesummenaarbecht mat all hire Partner et fäerdeg bruecht, de Rekrutement ze organiséieren, sou dass Ufank Mee 200 Stagiären hir Ausbildung op der Policeschoul ufänke kënnen.

Wat elo déi eenzel Froen ugeet, kann ech folgend Prezisioune ginn:

**Ad Fro 1:**

Sämtlech ageschriwwe Kandidate goufen an de Sproochentest invitéiert, a falls si do deelgeholl hunn, wat bei 764 Persounen de Fall war, da goufen si och an déi weider Tester invitéiert. Dëst ass allerdéngs net en bloc geschitt, mee si goufen no a no geruff. En Echec am Sportstest oder an de psychologeschen Tester huet dobäi zur Eliminatioun gefouert.

Schlussendlech hu fir d'Epreuve spéciale vum Traitementsgrupp B1 am Ganzen 477 Kandidaten um Sportstest deelgeholl, 317 bei de psychologeschen Tester an 401 beim Entretien. Dozou muss ee bemierken, dass d'Polizisten, déi um sougenannten Out-In deelgeholl hunn, net nach eemol an déi psychologesch Tester geschéckt goufen, wou et drëms geet ze iwwerpréiwen, ob ee Kandidat déi néideg Fäegkeeten huet fir kënne Polizist ze ginn.

Fir d'Epreuve spéciale vum C1 hunn 277 Kandidaten um Sportstest deelgeholl, 221 bei de psychologeschen Tester, an 190 beim Entretien.

Wat d'Echec'en ugeet, sou waren dat fir d'Epreuve spéciale vum B1 der 56 beim Sportstest an 18 bei de psychologeschen Tester. Am C1 goufen et iwwerdeems 46 Echec'en beim Sportstest an 9 bei de psychologeschen Tester.

**Ad Fro 2:**

Wéi ee schonns an der Äntwert op déi parlamentaresch Ufro n° 3444 erkenne kann, besteet d'Zil vun de Moossnamen, déi de President vun der Examenskommissioun festleet, fir eng objektiv an neutral Bewäertung ze garantéieren. Déi Impartialitéit war engersäits doduerch geséchert, dass d'Sproochentester informatiséiert a standardiséiert ausgewäert goufen, an anerersäits duerch déi gläichzäiteg Präsenz vu méi Memberen aus der Kommissioun an dem Observateur bei de Sportstester an den Entretien'en.

**Ad Fro 3:**

1. Nee dat kann ech nët ausschléissen.
2. Ech verweisen op meng Äntwert op d'Fro 2.

**Ad Fro 4:**

Aus evidente Grënn kënnen déi genee Krittären, no deenen déi psychologesch Tester an och den Entretien ausgewäert ginn, net publizéiert ginn. Deemno kann ech just matdeelen, dass d'Evaluatiounsgrille no deenen allgemeng gültege Standard'en vum Service psychologique vun der Police ausgeschafft an am Virfeld vun der Kommissioun diskutéiert a festgehale gouf.

**Ad Fro 5:**

Den Hannergrondcheck gëtt duerch d'Police gemaach, op Basis vum Artikel 58 vum Policegesetz, an entspriechend de Modalitéiten, déi een op hirem Internetsite noliese kann:

« L'enquête de moralité comprend une consultation du fichier central. Les faits commis en tant que majeur qui peuvent mener à un refus à l'admission au stage sont notamment les suivants:

- consommation régulière de stupéfiants;
- affaires de violence physique (coups et blessures volontaires) ou psychique (menaces, injures);
- rébellion;
- défaut de suivre les injonctions de la Police, se soustraire à un contrôle de Police.

Les affaires datant de plus de 3 voire 5 ans (selon la gravité des faits) ne sont pas prises en considération. »